

Matdeelung vun der Gemeng Rouspert-Mompech am Kader vun den Artikelen 8 an 9 vum ofgeännerten Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwert den nationale Referendum

De Schäfferot

Vu d'Demande vum Comité d'initiative vum 14. Mäerz 2022, déi de Premier- a Staatsminister de 17. Mäerz 2022 kritt huet, fir e Referendum iwwert d'Proposition vum der Revisioun vum Kapitel II vun der Verfassung ze organiséieren;

Vu d'Decision vum Premier- a Staatsminister vum 18. Mäerz 2022 iwwert d'Recevabilitéit vun där Demande;

Vu d'Kommunikation vum Premier- a Staatsminister am *Journal officiel du Grand-Duché de Luxembourg*, Memorial A – 135 vum 25. Mäerz 2022, an Ausféierung vum Artikel 5 vum ofgeännerte Gesetz vum 4. Februar 2005 iwwer den nationale Referendum;

informéiert

d'Wieler, déi d'Walrecht fir d'Chamberswalen hunn an déi an der Gemeng Rouspert-Mompech domiciliéiert sinn, datt si d'Demande iwwert d'Ofhale vun engem Referendum iwwert d'Proposition vum der Revisioun vum Kapitel II vun der Verfassung, déi an éischter Liesung de 9. Mäerz 2022 vun der Chamber ugeholl ginn ass, ënnerstëtze kënnen, andeem si sech an de Lëschten aschreiwen, déi an der Gemeng **vum 9. Abrëll 2022 bis den 9. Mee 2022 abegraff, opleien.**

Well et sech beim 9. Mee 2022 em e gesetzleche Feiertag handelt (Journée de l'Europe), ginn d'Wieler informéiert dass dee leschten Dag fir sech op d'Lëschten anzeschreiwen, **samschdes, de 7. Mee 2022** ass.

Während dëser Period sinn d'Lëschten op folgende Plazen an zu folgenden Zäiten zougänglech:

<u>Uert:</u>	Gemeng zu L-6582 Rouspert, 9, Rue Henri Tudor
<u>Deeg an Zäiten:</u>	méindes, vun 8.30 bis 11.30 a vun 14.00 bis 19.00 Auer dënschdes, vun 14.00 bis 16.30 Auer mëttwochs an donneschdes, vun 8.30 bis 11.30 a vun 14.00 bis 16.30 Auer freides, vun 7.30 bis 14.00 Auer samschdes, vun 10.30 bis 11.30 Auer Samschdes, de 7. Mee 2022, ass d'Gemeng vun 8.30 bis 11.30 Auer op.

Den Text vun der Proposition vum der Revisioun vum Kapitel II vun der Verfassung kann op den uewe genannte Plazen an zu den uewe genannten Zäiten agesi ginn.

Fir d'Demande iwwert de Referendum z'ënnerstëtze muss de Wieler sech perséinlech op senger Gemeng presentéieren. De Wieler muss säin Numm, seng Virnimm a seng Adress dem zoustännegen Agent matdeelen an eng gültig Pièce d'identité virweise kënnen.

Nodeems den Agent kontrolléiert huet ob de Wieler op de Wielerlëschten agedroen ass, leet den Agent dem Wieler d'Aschreiwungslëschte vir an dréit dem Wieler säin Numm, seng Virnimm a säi Gebuertsdatum an.

Nodeems de Wieler dës Aschreiwunge kontrolléiert huet, ënnerschreift hien d'Lëscht.

De Wieler deen duerch e physeschen Handicap net ënnerschreiwe kann, däerf sech vun enger Persoun begleet loossen, déi a sengem Numm ënnerschreiwen däerf. Dës begleetend Persoun däerf kee kommunaalt, nationaalt oder europäescht Mandat bekleeden, si muss lesen a schreiwe kënnen an däerf net no de Bestëmmunge vum Artikel 6 vum ofgeännerte Walgesetz vum 18. Februar 2003, vum d'Walrecht ausgeschloss sinn.

Et däerfen déi Wieler ënnerschreiwen déi den Dag virum Ufank vun der Ënnerschrëftesammlung op de Wielerlëschte fir d'Chamberwale agedroe sinn.

Déi Wieler déi net op der Wielerlëscht vun der Gemeng stinn, müssen eng Decisioun vum Buergermeeschter vun hirem Wunnuert respektiv vun enger Geriichtsinstanz virweise kënnen déi bezeit datt si d'Walrecht an där Gemeng hunn.

Déi Wieler déi zwar op dese Wielerlëschten agedroe sinn, mee déi hiert Walrecht duerch eng gesetzlech Bestëmmung oder duerch e Geriichtsbescheed oferkant kritt hunn, däerfen sech net un der Ënnerschrëftesammlung bedeelegen.

All Wieler däerf nëmmen eemol d'Lëscht ënnerschreiwen. D'Ënnerschreiwen am Numm vun enger drëtter Persoun ass verbueden ausser am Fall wou eng Persoun eng handicapéiert Persoun begleet.

D'Ënnerschrëft vum Wieler op der Lëscht bedeit datt dese Wieler d'Demande fir d'Ofhale vun engem Referendum ënnerstëtzt.

Dës Demande ass nëmmen dann ugeholl, wa 25.000 Wieler se ënnerstëtzen.

Uesweller, den 30. Mäerz 2022
De Schäfferot,